

## „Literatuerm“ den 10.10.2021 am Aquatower



Um Sonndeg de Moie gëtt et erëm eng Liesmatinée - 50 Meter iwwert dem Buedem – fir Kanner vun 3 bis 7 Joer!

**Sonndes, 10.10.2021 vun 10h30 – 12h00**

### Um Programm:

„D'Sandmeedchen“, op der Sich no de Kanner hire verschwonnenen Dreem muss d'Sandmeedchen iwwer d'Wolleke reesen ..., dat éischt lëtzebuergesch AR\*-Kannerbuch, by Rotondes & Kremart. De Yorick Schmit hält Iech mat ville liewege Biller mat op d'Sich.

### Ausserdeem:


de kleng Geescht, deen einfach anescht ass: rosa, léif an och e bësse fäertereg: **„De Geescht Gubi“**, déi neist Story vum faarweg karéierten Elefant Elmar: **„De verluerene Schatz“**, an nach e puer aner flott Kannergeschichten erzielt d'Christiane Kremer vu Kremart Edition.

\*AR: Augmented Reality / erweidert Realitéit

### Entrée:

6,50 Euro pro Persoun

**Abegraff ass:** Liesung, eng Taass Kaffi/Téi/Schoki oder e Glas Viz an e Croissant



**Umeldung ass obligatoresch** via: [aquatower@berdorf.lu](mailto:aquatower@berdorf.lu)  
D'Bicher vu Kremart Edition ginn et op der Platz ze kafen.